

Was lange währt, wird endlich gut

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2018

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,
Léif Kolleginnen a Kollege Professeren,

No vill ze laanger Waardezäit sinn de 15. Mee 2018 endlech d'Dispositionne vum Gehälteraccord, deen Enn 2016 vun der CGFP an der Regierung ënnerschriwwen gouf, a Kraaft getrueden. Dobäi handelt et sech haaptsächlech ëm déi folgend Punkten:

- D'**Iessensgeld** geet vun 110 Euro op **144 Euro** de Mount erop. Dës Erhéijung ëm 34 Euro gëtt réckwierkend op den 1. Januar 2017 ausbezuel.
- De **Punktwäert** klëmmt ëm **1,5 %**. Och dës Erhéijung gëtt réckwierkend ausbezuel, an zwar op den 1. Januar 2018.
- D'**Famillenzoulag** fir bis zu béid Elterendeeler, déi beim Staat schaffen, klëmmt am neie Régime nees zréck vun ursprénglech 27 op **29 Punkten** - esou wéi virun Oktober 2015 - an zwar och réckwierkend op den 1. Januar 2018.
- Dës **3 Recalculen** vun der Erhéijung souwuel vum Punktwäert wéi och vum Iessensgeld an der Famillenzoulag wäerte mat der **nächster Pai** ausbezuel ginn.
- Réckwierkend op den 1. Oktober 2015 ginn och eis Kollegen **Fonctionnaires-Stagiaires** nobezuel, an zwar laut folgende Kritäre fir déi **éischt 2 Joer Stage**, wat dann natierlech och fir eis zukünfteg Stagiairen esou gëlle wäert: De Groupe de traitement A1 huet 272 p.i. zegutt statt 255 p.i., den A2 222 p.i. statt 215 p.i. an de B1 162 p.i. statt 160 p.i. just.
- Eis aner Kollegen, **d'Maîtres d'enseignement**, kréien an hirem Grade E3^{ter} en 20. Échelon bäi vu 470 p.i., gültig ab dem 1. Januar 2018.
- D'**Flexibiliséierung vum « travail à temps partiel »** duerch d'**Aféierung vu Palieren** vun 90%, 80%, 75%, 70%, 60%, 50% a 40% « à durée déterminée » an « à durée indéterminée » ass och säit Mëtt Mee a Kraaft a kann fir dat kommend Schouljoer schon an Usproch geholl ginn.
- De « **Service à temps partiel pour raisons de santé** » ass an Zukunft net méi limitéiert (op maximal 10 Joer wéi bis elo).
- D'**Harmoniséierung vun de Gehälter vun den Employés de l'État** bei gläichem Bildungsofloss gouf och elo gesetzlech festgehalen. Dëst bedeit, dass eis Chargéen ab Januar 2018 déiselwecht Pai musse kréien, wéi hir Kollegen Employéen an der Administratioun, an net - wéi bis elo üblech - manner.

- Am Fall wou een **Employé** aus gesondheetleche Grënn eng länger Zäit kontinuéierlech oder och widderholl punktuell ausfällt, muss dësen Agent ab elo mindestens **2 Méint am Virus informéiert** ginn, dass d'Geför besteet, säin Aarbechtskontrakt gekënnegt ze kréien, well d'Gesamtdauer vu sengem krankheetsbedëngte Feelen sech op 6 Méint innerhalb vun engem Joer summéiert. Bis ewell gouf et dës Informatiounsflucht säitens dem Virgesetzten nämlech net. En plus besteet ab elo d'Méiglechkeet, nach eemol eng **zousätzlech Frist vun 3 Méint** ze kréien, also statt 6 elo 9 Méint pro Joer däerfe krankgeschriwwen ze sinn, ouni den Aarbechtsvertrag ze riskéieren.

Donieft befënnt sech dat laang erwaardend Gesetz zur Afëierung vum **Zäitspuerkont** op der leschter Ligne droite. Wann den Avis vum Staatsrot net méi all ze laang op sech waarde léisst, da wäert och dëst Gesetz nach virun der Sommervakanz an der Chamber kënne gestëmmt ginn. Den Zäitspuerkont C.E.T. (Compte épargne-temps) wäert et Iech erlaben, Är geleschten Iwwerstonnen eent zu eent unzespuere fir zu engem spéideren Zäitpunkt eng partiell Tâche oder esouguer eng « Année sabbatique » unzufroen, ouni während dëser Period mussen op Är voll Pai ze verzichten.

Neiegkeete ginn et och am Dossier « **Formation continue** ». A konstruktive Verhandlung mat Vertrieeder vum MENJE huet de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP erreecht, dass d'Unzuel u FoCo-Stonnen, déi ee mat an déi nächst 3-Jores-Referenzperiod (2018 - 2021) däerf eriwuerhuelen, staark erhéicht gëtt. Dëst erlaabt allen Enseignanten ee méi flexibelen Ëmgang mat hire FoCo-Stonnen. Déi genau Modalitéiten heizou gi geschwënn nach vum MENJE matgedeelt.

Zum Schluss wëlle mir nach eng Kéier drop hiweisen, dass sech d'Féduse/Enseignement-CGFP weiderhin eneresch fir eng **Regularisatioun vun de Professeurs-Candidats** sursitaires asetzt, insbesonnesch elo, nodeems d'Karriär vun de Chargéë staark opgewäert gouf a sech de laangen a beschwéierleche Wee vum Professeur-Candidat am Verglach zum Employé via noutwendige Concours-Examen mat Ranking-Obligatioun a Fonctionnaire-Stage net méi bezuelt mecht.

Souwuel zur Situatioun vum Professeur-Candidat ewéi och **zur allgemenger Entwécklung vun de Karriären E7 an A1 am Verglach zu deenen anere Karriären am Enseignement während deene leschten zwee Joerzëngten**, huet d'Féduse/Enseignement-CGFP een Dossier mat detailléierte Berechnungen erstallt an deene verantwortleche Ministeren duergeluecht. Dobäi läit de Fokus net just um finanziellen Aspekt vun der Karriär per se, mee och op der Argumentatioun am Bezuch op eisen Job, deen ëmmer méi komplex an zäitopwänneg ginn ass duerch déi divers Reformen a geklommen Ufuerderungen un d'Enseignanten am Lycée. Iwwert eis weider Virgoensweis wäerte mir Iech an noer Zukunft um Lafenden halen.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP